


PARTEI – FRAKTIOUN

Mat grousser Trauer hu mir d'Nouvelle opgeholl vum Doud vum

## Lucien WEILER

Gebuer 1951 zu Ettelbréck, huet hien eisem Land als engagéierte Politiker säi Stempel opgedréckt. Als Jurist an Affekot huet hien sech fréi politesch engagéiert, ënner anerem am Gemengerot an als Schäffen zu Dikrech.

Vun 1984 u war hie Member vun der Chamber, wou hien tëscht 1999 an 2004 President vun der CSV-Fraktioun war. Vun 2004 bis 2009 war hie President vun der Chamber.

Och no sengem politesche Mandat ass hien dem Land staark verbonne bliwwen, ënner anerem als Maréchal de la Cour vun 2016 bis 2020.

Säi Parcours war gepräägt vun Integritéit, Onparteilechkeet an engem déiwe Respekt virun den Institutiounen. Seng Mënschlechkeet a säin Asaz fir chrëschtlech-sozial Wäerter wäerte mir a gudder Erënnerung behalen.

Eis Gedanke si bei senger Famill, senge Frënn an allen, déi him no stoungen. Mir drécken hinnen eis déifst Matgefill an häerzlechst Bäileed aus.

*305306*